ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem huet e Member vun der Regierung virun Deuxièmes- a Premièresschüler am Lycée Josy Barthel Mamer ee Virtrag iwwer déi "ganz aktuell Themen Energieversuergung a Landesplanung" (sou de Wuertlaut op der Invitatioun) gehalen. Dëse Virtrag war Bestanddeel vum neie Projet d'Etablissement, zu deem ënnert anerem d'Nohaltegkeet gehéiert.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Kann den Här Schoulminister matdeelen, wéi eng Membere vun der Regierung, an der Zäitperiod vun 2018 bis haut, zu wéi engem Zäitpunkt an zu wéi engem politesche Sujet an enger Schoul vum Enseignement public ee Virtrag gehalen hunn oder ob soss eng Manéier intervenéiert sinn? (Net consideréiert sinn Aweiunge vu Gebaier oder reng administrativ Visitte vum Här Schoulminister ouni politesch Ried).
2) Geet d'Regierung dervun aus, datt et akzeptabel ass, datt eng ëffentlech Schoul, déi jo soll politesch neutral sinn a Meenungspluralismus wéi och kritescht Denke förderen, eng eesäiteg Meenung promouvéiert, wa just e Member vun der Regierung invitéiert gëtt fir iwwer ee bestëmmte politesche Sujet ze schwätzen? Gesäit d'Regierung do net d'Gefor vun engem "abus de pouvoir" vun de Regierungsmembere mam Zil, déi jonk Leit politesch ze beaflossen?
3) Wier et bei esou Virträg net ubruecht, datt op d'mannst eng weider Persoun mat enger anerer politescher Meenung ageluede géif ginn, entweder gläichzäiteg oder kuerz duerno, fir de Meenungspluralismus an de Schoule sécherzestellen?

Mat beschte Gréiss,



Fred Keup, Deputéierten

Fred Keup, Deputéierten